ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 05/05/2025

Commission de la circulation du 23.04.2025

1. Presenzen

Présent	Absent
Eich Nico Edert Rick Feierstein Sascha Fernandes José Huberty Laurent Kieffer Aloyse Reding Marc Sadler Marie (Sekretärin) Scholtes Luc Wampach Sandra	Amaral Antonio (excuséiert)

Invité: Marc Büchler

2. Validatioun vum läschte Rapport

De Rapport vun der Versammlung vum 05.13.2025 gouf unanime approuvéiert.

3. Projet Führerschäinstest

De Marc Büchler ass an eis Versammlung komm, fir eis de Projet vum Führerschäinstest ze presentéieren. Dëst ass e Projet deen iwwer puer Joer an der Gemeng Péiteng organiséiert gouf. Hei geet et drëms fir de beschte Chauffeur duerch verschidde Prüfungen ze fannen.

Den Test besteet aus verschiddenen Partien:

- Theorie Deel → Quiz mat Froen (gouf meeschtens moies organiséiert)
- 1st Hëllef Deel→ (gouf och moies organiséiert)
- Parcours → méi praktesch
- Op d'Strooss fuere goen a verschidden Übunge maachen (do war oft e Fahrlehrer dobäi fir 10 Minutte mat de Léit ze fueren)
- 10 Feeler Test → De Chauffer muss d'Feeler fannen

Helperknapp, 05/05/2025

D'Gemeng Péiteng huet d'Präisser fir d'Gewënner zur Verfügung gestallt. Em d'Organisatioun hunn sech d'Gemeng Péiteng, d'Police, eng Autosgarage, d'Berufs Chaufferen Lëtzebuerg (BCL), Motor-Sport Club Eischen an d'Verkéierskommissioun vun der Gemeng gekëmmert. De ganze Projet stoung ennert dem Patronat vum Ministère du développement durable et des infrastructures.

No der Presentatioun vum Projet hu mir driwwer geschwaat fir et an eiser Gemeng z'organiséieren. Hei ass d'Iddi opkomm fir et um Schoulcampus zu Brouch z'organiséieren. Den Här Büchler hat scho Kontakt mam Schäfferot vun eiser Gemeng, der Police (hei muss nach mat der Police Gréiwemaacher Kontakt opgeholl ginn); Renault Garage Miersch (déi wiere bereet eis Auto'en zur Verfügung ze stellen).

Mir hu festgehalen, dass mir dëst nemei 2025 organiséiere werte, mee 2026. An dësem Kader ass eis **Fro un de Gemengen- a Schäfferot**: Wat wier der Gemeng hire Beitrag zu dësem Projet? Wier dir als Gemeng bereet dëst 2026 mat z'organiséieren?

Fir déi nächst Versammlung soll jiddereen sech Gedanke maache, wéi mir dëst organiséiere kéinten a wéini (eventuell mat engem Event vun engem Club organiséieren).

4. Verkéiersberouegung Zone 30

De José war de Moien (23.04.2025) an d'Versammlung vum Schäfferot fir eis Iddi, déi mir am läschte Rapport festgehalen haten, méi genau ze presentéieren an z'erklären. De Schäfferot ass géint d'Iddi vu Knuppelen a wëllen och net, dass mir d'Léit direkt kontaktéieren. An engem 1te Schratt solle mir e Kataloge mat Iddien maachen an an der ganzer Gemeng kucke wou nach Plaze sinn wou eng Verkéiersberouegung noutwenneg wier.
Jidderee soll sech hei informéieren an déi verschidde Methode vu Verkéiersberouegung per Mail un d'Kommissioun schécken.

5. Verschiddenes

- Den 23.05.2025 ass coupe scolaire moies vun 08:00 – 12:00. Hei ginn nach Léit gesicht fir ze hëllefen. Falls een Zäit hett, soll een sech beim Luc Scholtes mëllen.
- Strooss Mariendall-Huelmes: Hei ass d'Fro opkomm wéini dës Strooss gefléckt gett wéinst dem Erdrutsch.
- Nächst Versammlung 02/07/2025 um 20:00 zu Téinten am Veräinsbau